ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
03 DEC. 2018
70

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2018

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Vu besuergten Eltere sinn ech gewuer ginn, datt Kanner aus enger Klass 4.2. en Theaterstéck mam Titel "Ein Känguru wie Du" musse kucke goen an dem et - der Beschreiwung no déi d'Kanner ausgedeelt kruten - haaptsächlech em d'Homosexualitéit geet.

Dowéinst wollt ech dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

1) Ass et am Unterrechtsplang virgesinn, datt Kanner mussen Theaterstécker iwwer d'Homosexualitéit kucke goen? Ass d'Participatioun un esou Evenementer obligatoresch? Kënnen d'Elteren decidéieren, ob hir Kanner do solle mat goen oder net?
2) Wéi vill Klassen a wéi engem Alter hu schonn esou Stécker misse kucke goen? Wien ass fir déi Organisatioun responsabel?
3) Ass den Här Minister der Meenung dat et fir Kanner am Cycle 4.2. altersgerecht ass Theaterstécker iwwer d'Homosexualitéit kucken ze goen?
4) Ass et och virgesinn, de Kanner Theaterstécker iwwer heterosexuell, traditionell an natierlech Familljen ze weisen an deenen dee Liewensmodell positiv duergestallt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 7 décembre 2018

Monsieur le Président de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes

L-1728 Luxembourg

**Réponse du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire N° 70 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Als Äntwert op d'Fro vum Deputéierten erlaben ech mer op den Artikel 1 vun der allgemenger Erklärung vun de Mënscherechter ze verweisen: "All Mënsche gi fräi gebuer, mat gläicher Dignitéit a mat deene selwechte Rechter". Dësen universelle Prinzip verbitt et mir, eng Bewäertung virzehuelen, wat eng "normal" oder "natierlech" Aart a Weis fir zesummenzeliewen ass, wéi den Deputéierten et senger Fro zu Grond leet. Aus dësem Grond gesinn ech mech an der moralescher a politescher Incapacitéit fir op dës Fro ze äntwerten.

Op dem haitegen Dag feiere mir de 70-järege Jubiläum vun der allgemenger Erklärung vun de Mënscherechter. En Dokument, dat entstanen ass, ënnert dem Androck vun der Katastroph vum Zweete Weltkrich an der systematescher Verfolgung an Ermordung vu Mënschen opgrond vun hirer Relioun, hire politeschen Usiichten oder hirer sexueller Orientéierung. An deene kommende Wochen a Méint wäerten all d'Schülerinnen an d'Schüler een Exemplaire vun der allgemenger Erklärung vun de Mënscherechter geschenkt kréien. Net zulescht fir ze rappeléieren, zu wéi enge Katastrophen d'Ideologië vun Exklusioun an Diskriminéierung gefouert hunn, a wéi wichteg et ass, de Provokatiounen entgéintzetrieden, déi haut versichen eisen ëffentlechen Debat ze vergëften.

Et ass d'Aufgab vun der Bildung, fir de Kanner a Jugendlechen déi fundamental Wäerter vu géigesäitegem Respekt an Toleranz ze vermëttelen. Ech sinn houfreg, dass am Artikel 3 vun der *Loi du 6 février 2009 sur l'obligation scolaire* iwwert d'Missiounen vun der Schoul steet: "Elle l'éduque aux valeurs éthiques fondées sur la Déclaration universelle des droits de l'homme et l'amène à respecter l'égalité entre les filles et les garçons." An dëse Kontext reit sech och de Projet "Ein Känguru wie du" an. Et geet drëm, Viruerteeler, Klischeeën, Intoleranz an Ausgrenzung ze bekämpfen. An et geet drëm, d'Wäerter vun der Frëndschaft héichzehalen, eng Frëndschaft, déi keng Grenze kennt, weder déi vun Reliounen, politeschen Iwwerzeegungen oder der sexueller Orientéierung.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse